



Gemeinsam Äntwert vum Här Henri KOX, Minister fir bannenzeg Sécherheet an der Madame Sam TANSON, der Kulturministesch op d'parlamentaresch Fro n° 5865 vum 3. März 2022 vum honorabelen Deputéierte Fred KEUP

1. Weder d'Lokalitéite vum "Musée international d'effets de Gendarmerie et Police" zu Capellen nach déi genannten Hal vun der Police zu Beringen erméiglechen et, sämtlech Ausstellungsstécker, an notamment de Charroi vum Musée, ënnerzebréngen. Deemno ass fir e gewëssen Deel vun der Collectioun vun der Musée asbl aktuell nach keng Léisung fonnt ginn.
2. D'Iwwergangsléisung Op der Cap gëtt benotzt fir dem Policemusée et kuerzfristeg z'erlaben d'Ëffentlechkeet erëm z'empfänken. No enger laangfristeger Léisung gëtt nach gesicht. Aktuell gëtt analyséiert op et méiglech ass de Policemusée um Site vun der neier Policeschoul ënnerzebréngen.
3. Et ass vill dru geleeën, eng dauerhaft an attraktiv Plaz fir d'Ausstellung vum Policemusée ze fannen fir Objeten oder Policegefierer vu fréier auszustellen, mee deem ë.a. och pädagogesch a präventiv Missiounen soll erfëllen. Et sief op dëser Plaz och nach emol rappeléiert, datt de Kulturministère de Finanzement vun engem neie museologesche Konzept fir en zukünftege "Musée de la Police Grand-Ducale" mat 37.124,10 EUR iwwert de Programm NEISTART Lëtzebuerg – Culture finanziert huet.

Lëtzebuerg, den 12. Abrëll 2022

Den Minister fir bannenzeg Sécherheet

(s.) Henri KOX